N°3408
Entrée le 08.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.01.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Konsummenteschutz weiderzeleeden.**

Am Kader vun engem Réckruff vu Puddermëllech fir klengste Beebeeën tëscht 0 an 12 Méint, dat mat Bacillus cereus kontaminéiert ass, stellen sech wichteg Froen iwwert d'Reaktioun vun de Lëtzebuerger Autoritéiten.

Laut Informatiounen aus eisen Dageszeitunge gouf dëse Réckruff elo publik gemaach. Beim Nosichen um europäeschen RASFF-Portal (Rapid Alert System for Food and Feed) ass allerdéngs festzestellen, dass dës Kontaminatioun schonn de 12. Dezember 2025 als Notifikatioun vum Hiersteller selwer gemellt gouf. De 16. Dezember 2025 hate scho verschidde Länner konkret Moossnamen ergraff, fir hir Bierger ze schützen.

Zousätzlech gouf de 6. Januar 2026 eng weider Notifikatioun um RASFF-Portal veröffentlecht.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat hunn d'Lëtzebuerger Autoritéiten iwwer véier Woche gewaart, fir op eng Kontaminatioun ze reagéieren, déi schonn de 12. Dezember bekannt war?

2. Wéi rechtfäerdegt d'Regierung dës inakzeptabel Verzögerung, wou et ëm d'Gesondheet vu Bëbeeë geet an aner Länner wéi Dänemark oder Ungarn direkt gehandelt hunn?

3. Wéi vill Bëbeeën zu Lëtzebuerg hunn eventuell kontaminéiert Produkter konsuméiert, well d'Autoritéiten net fréizäiteg gewarnt hunn?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

4. Wat ass de konkrete Grond dofir, dass d'RASFF-Informatiounen net direkt un d'Ëffentlechkeet weidergi goufen, obwuel dat de Sënn vun dësem europäeschen Alarmsystem ass an et sech ëm e Produit fir ganz kleng Bëbeeën handelt?

5. Wéi eng Konsequenze wäert d'Regierung aus dëser geféierlecher Negligence zéien, fir ze garantéieren, dass esou Versoen sech net widderhëlt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés